Lëtzebuerger Guiden a Scouten

association sans but lucratif
*reconnue d'utilité publique*

Bilsdorf Guide and Scout Centre | Neihaischen Guide and Scout Centre | Fënsterdall Scout Campground | LGS shop by Lessure Workwear

# Newsletter

2/2023

***Léif Memberen a Frënn,***

*Kuerz virun de Feierdeeg wëlle mer op dëser Plaz nach eng Kéier ee klenge Réck- an Ausbléck op ons Aktivitéite geheien.*

*Och dëst Joer ware mer mat engem Stand um Chefdag vum Verband um Kiem vertrueden an hunn do, nieft engem Stand vum Shop, verschidden Atelieren ugebueden.*

*An onse Chaleten an op onse Campplazen ass bal iwwerall Business as usual, ausser um Neihaischen, wou een Deel vum Chalet net accessibel ass, well monter gebaut gëtt.*

*Am Numm vun der ganzer asbl vun de LGS wënschen ech jiddwerengem besënnlech Feierdeeg, ee gudde Rutsch an alles Guddes fir 2024.*

***Eric***





## Kalenner 2024

Mëttwochs, de **21. Februar**: AGO um Neihaischen

Mëttwochs, den **1. Mee**: 1.-Mee-Feier um Neihaischen

Donneschdes, den **9. Mee**: Kiermes zu Bilschdref

Weekend vum **18. an 19. Mee**: Bealtaine





# **Neit asbl-Gestez**

Och ons **asbl** kënnt net drëms sech dem neien asbl-Gesetz, dat de 7. August ënnerschriwwe gouf, ze conforméieren. Esou musse mer ons Statuten un dat neit Gesetz upassen an och ons Comptabilitéit ganz ëmstellen. Duerch dass mer **d'utilité publique** sinn fale mer ënnert d'Kategorie vun de groussen asblen a mussen eng richteg Comptabilitéit à partie double féieren, déi herno vun engem agrééierte Réviseur d'entreprise kontrolléiert muss ginn.

Well et am Ufank Onkloerheete gouf, wéi d'Iwwergankszäit vun 2 Joer z'interpretéieren ass, hate mer gemengt schonns op den 1. Januar 2024 lass leeën ze missen, mee tëschenzäitlech koume Präzisiounen vum Justizministère, esou dass mer déi ganz Iwwergankszäit ausnotze kënnen a wäerten.

Während dem Joer 2024 wëlle mer d'Statuten iwwerschaffen, fir se op der Generalversammlung vum Joer 2025 dem Vote ze stellen. Parallel wäerte mer um Ëmstellen vun der Comptabilitéit schaffen, fir dann den 1. Januar 2026 mam neie System lass leeën ze kënnen.



Den **LGS-Shop by Lessure** an der Origerstrooss op der Gare léisst seng Diere vu **Méindes, den 18.12.23 bis den 1.1.24 inclus zou.** Duerno ass de Shop nees zu senge gewinnten Zäiten op: **Méindes–Samschdes 10:00 - 18:00 Auer**!

Den **Tramsarrêt** „Paräisser Plaz" ass 1 Minutt vum LGS-Shop ewech. Och mam **Zuch** a mam **Auto** bleift den LGS-Shop weiderhinn gutt erreechbar. Genuch Parkplaze ginn et an de Parkinger **Neipperg a Rocade**. Vun hei aus ass een an e puer Minutte beim Shop.

**TEL: 2694 5656 • LGS.LU/SHOP • SHOP@ASBL.LGS.LU**

LGS shop by LESSURE WORKWEAR

**Congé annuel vum 18.12.23 bis den 1.1.24**

# ECMC — European Centre Manager's Conference

## vum 12.–15.Oktober 2023 an Eisterräich: *«Universe of Connections»*

Et war di éischte kéier no der Pandemie wou iwwert 70 Vertrieder aus 18 europäesche Länner sech um Zellhoff bei Salzbuerg op der **ECMC** getraff hunn. D'Thema war Programm: no bal véier Joer Paus goung et drëms fir den Austausch tëschent den europäesche Guiden- a Scoutschalet'en nees néi unzekierpen.

Och dës Neioplo vun der **ECMC** funktionéiert no engem bewäerte Stréckmuster wéi Ouverture's- an Ofschlossfeier, Energizers moies an e Staff-Bar owes, Town Discovery Rally um drëtten Dag a Bilan Sonndes moies. D'Haaptzil war et fir vill flott Momenter a Plazen ze schafe fir den Echange unzefachen tëschent den Zentren iw-



CMC 2023 ZELLHOF MAT KAPELL




CMC 2023 MICROPRESENTATION





CMC 2023 SALZBURG RALLYE ASS FERDEG

wert „Lessons learned from the Pandemic" oder iwwert Best Practices am Verwaltungs-, Finanz-, Ëmwelt- a Programmberäich; esou goufen et Fundraising'sateliere iwwert den Erasmus+ Programm vun der EU oder de Fong vun der European Youth Foundation vum Conseil de l'Europe. An et gouf sech de Kap zerbrach wéi ee Schoulklassen an d'Scoutszentere kritt: hei hunn äis Vertrieder vill ze ziele gehat wéi de Projet Native Village zesumme mam SAFAB zënter 2005 schonn dausenden vu Schoulkanner op de Neihaischen motivéiert kruten an nach ëmmer kréien.

An de Micropresentations di ëmmer ronn 15 Minutte gedauert hunn goung et ëm regional Verknäppunge vun de Chalet'e, iwwert den Zougank zu Netzwierker wéi Azimuth- a Goose Network, iwwert de „Gréngen Zweig" vum Aarbechtsgrupp Nohaltegkeet oder iwwert alternativ Finanzéirungsmodeler vu Programm a Moderniséierung vun Infrastrukture.

"My centre, my country" wor Fréides owes nees e virleefegen Héichpunkt wou op enger Zort Foire-Market Place tëschent Depliante, Kachkéis an enger Kippche Crémant sämtlech Zentren sech an hirer houbeschter Folklor gewisen hunn. De Local-Discovery-Rallye huet de Programm Samschdes zu Salzbuerg no uewen ofgerënnt éier et no den Evaluations nom Sonndeskaffi nees heem goung.




CMC 2023 MY CENTRE MY COUNTRY MAM JOÉ



CMC 2023 LUC MAM TANIA VUN ADELBODEN



CMC 2023 MY CENTRE MY COUNTRY MAM LUC



CMC 2023 MALZBIER SCHMAACHT GUDD

Dselwecht wéi virun zéng Joer op der **ECMC** um Neihaischen 2013 huet d’Zellhof-Team sech vill Gedanke gemaach ob si dës Reeditioun vun der **ECMC** 2023 fir d’éischte kéier no der Pandemie stemme kinnte. Abbé, hir Equipe vu gutt 16 éisträichesche Benevole huet dat zesumme mam europäesche Planning Team zeguddst gemeeschtert. Hinnen e grousse Merci, datt si sech dësem Defi ugeholl haten. A wie weess, vläicht dauert et kéng zéng Joer méi bis d’**ECMC** nees um Neihaischen stall hält....

Joé Schmit a Luc Elsen vum Neihaischen

Den Zellhof, net wäit vu Salzbuerg ewech, ass eng immens Plaz fir Camp’en. An der Summersaison sinn op engem quasi permanente Jamboree dacks méi wéi dausend Guiden a Scouten aus 30 bis 40 Gruppe parallel um Site dee wéi d'Neihaischen zwar och 1 Kapell huet, mee mat 150 Better duebel esouvill Schlofplazen op 3 Chalete verdeelt huet an eng Campplaz déi mat hiren 300 Are sechsmol esou grouss ass wéi äis Wiss um Neihaischen. Avis aux Amateurs-trices: **https://www.zellhof.at/**